

Rapport vun eiser Réunioun vum 22. März 2016

Présent waren : Simone Frank, Jorge De Sousa, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Manuela Reuter, Sabine Luxen, Eliane Barthel, Danielle Thiry-Blang, Linda Chretien

Entschëllegt war : Bettina Vogel, Sophie Dreisbach, Elvire Olinger-Ferber

Ufank : 19.00 Auer

Porte Ouverte

- ✚ Mir haten bei dëser Réunioun nëmmen 1 Haaptthema an dat war Porte Ouverte den 30. Abrëll 2016 vun 9.00 Auer bis 13 Auer.
- ✚ Mir als Elterecomité machen en Stand mat Gedrénks, Kaffi an Kuch.
- ✚ Ausserdem machen mir och en klengen Infostand dobai wou een sech kann mat Elteren zeréckzeihen an iwwert d'Arbechten vum Elterecomité kënnen schwätzen.
- ✚ Dësen Stand soll virun der Dier vun der Cafétéria stoen, wann een vun der Loge aus kuckt ass et riets.
- ✚ Mir machen en Roll Up vum Elterecomité domat een och gudd erkennt wien do um Stand steet, ausserdem machen mir och nach Badgen.
- ✚ Mir hun och nach iwwert Poloen oder Hiermer an Blusen geschwaat, mee do sinn mir ons nach net ganz secher an et kann och knapps ginn fir Porte Ouverte. Mee dat steet op jiddem Fall nach um Programm an mir wäerten och sou an die Richtung vun Poloen goen.
- ✚ Wat lo nach den Roll Up betreff, sou hun mir jo 2 Fotoen vum Lycée rausgesicht déi mat drop kommen. Do ass et lo sou datt déi Fotoen den R. Schleich gemach huet an dofir mussen mir lo mat him kucken wéi et mat den Droit d'auteurs ausgesäit. Ansonsten ass den Roll Up sou gudd wéi an der Produktioun.
- ✚ Den 12. Abrëll ass nach eng Réunioun an der Schoul fir nach am Detail iwwert Porte Ouverte ze schwätzen.
- ✚ Do koum och nach eng Ureegung vum Eliane B. datt et gudd wier wann den Guide vun der Groupe en Kennungszechen hätt, domat een seng Gruppe och gudd remfënd. An och Remarque op een net eng Gruppe mat Erwuessener mecht an och eng Gruppe mat Kanner fir Visiten.

Divers

✚ Eisen Trésorier, den Jorge, stellt eis déi nächste Kéier den Bilan vum Elterecomité fir nodems lo Cotisatiounen missten baal alleguerten dobannen sinn.

➤ Nächst Réunioun ass **Donneschte, den 21.04.2016 um 19.00 Auer**

Enn: 21.00 Auer